Begréissen :

Mme Martine Mergen, Gemengeconseillière, de Här Paul Reeff, Präsident vun der Usill, de Capitaine Jean-Marie Thoss mat de Militärmuseker Simone Patz a Eric Engel, d'Hären Carlo Roll a Joël Delvaux mam Urban vu der asbl Rahna, de Här Jacques Marxen, commissaire en chef vum Policekommisariat Gaasperech, Mme Dr. Wahl, Präsidentin vum Hollerecher Interesseveräin, d'Hären Paul Mousel, André Polfer a J.M. Fisch, Eierepräsident, Präsident a Sekretär vum Zéissenger Interesseveräin, d'Vertrieder vu de Gaasperecher Veräiner

Entschëllegt sin : den Daniel Reding, trésorier vum IVG, d'Hären Armand Drews a René Kollwelter, LSAP si sin de Ament am Ausland, den Marc Angel, LSAP, den Här Jean-Marie Mossong vum FC Tricolore

Villmools Merci datt Dir haut den Owend bei eis komm sidd.

Dir Dammen an Dir Hären !

Den 29. November d'lëscht Joer huet d'Militärmusek ënnert der Leedung vun hirem Chef-adjoint, dem Capitaine Jean-Marie Thoss eis e wonnerschéine Concert présentéiert. Den Interesseveräin hat am Comité décidéiert den Erléis vu dësem Concert un d'asbl Rahna, Muppen ënnerstëtze Leit am Rollstull weiderzegin.

Den 9. November 2002 ass d'association RAHNA gegrënnt gin. Si huet hiren Numm vun dem 1. Mupp kritt deen ausgebild gin ass. Et ass den Labrador Retriever a den Golden Retriever déi bei Rahna agesat gin. D'Roll vun esou engem Mupp ass fir Leit ze begleeden an hirem deeglechen Liewen an hinnen z.b. ze hëllefen fir ëppes opzerafen, d'Luten un an aus ze machen, den Telefon ze brengen an op Kommando ze billen wann Hëllef gebraucht gët, ongeféier 53 Kommando'en muss hien léieren. Et ass e laange Wee wou de Mupp muss duerchmachen bis dat en sou wäit ass dat hien an den Asatz kënnt. Hie kënnt als Welpen vun 9 Wochen an eng letzebuerger Famille d'accueil, déi hien no 1,5 bis 2 Joer erëm muss verloossen fir an enger franzéischer Associatioun seng formatioun ze machen. Déi Frais'en déi déi ganz éducation a Formatioun mat sech brengen, gin all vun der Association Rahna gedroen. Déi Persoun déi en physischen handicap huet an e cours am Frankreich matgemach huet wou si hiren Mupp kennegeléiert huet kritt hieren Mupp gratis vun Rahna. Während 8-10 Joer steet hien hir dann trei zur Säit. Rahna bleiwt awer propriétaire vum Hond an suergt och fir hien wann en a Pensioun geet a wann säin Besëtzer e nët méih kann halen.

D'Muppen kënne awer och an der Education différenciée bei Kanner agesat gin grad sowéi an Alters-an Pflegeheemer, wou se den Bewunner vill Freed machen. Bis elo konnt Rahna 16 Muppen ofgin an een ass Iech bestëmmt bekannt hei zu Gaasperech dat ass den Urban, deen d'Andrea a de Joel Delvaux begleet.

Dir gesid et ass eng gudd Sach woufir d'association RAHNA sech asëtzt an mir freen eis iwert den Don deen mir haut kënne un si weidergin.

Rhana ass eng Associatioun déi vum Lëtzebuerger Staat unerkannt ass an déi Responsabel vun der Association schaffe all am Statut vum Bénévolat.

Ech gif elo de Capitaine Jean-Marie Thoss mat den 2 Solisten, d'Simone Patz, Trombone a Eric Engel Clarinette déi dir op eisem Concert héieren konnt,

esouwéi d'Vertrieder vu Rahna hei vir hin biede fir de Cheque vun 1.200 euros ze iwerreechen.

Sou an elo zu eise aanere Aktivitéiten :

De Comité huet sech d'lescht Joer no der Generalversammlung nei forméiert. Duerno si mir 5 mol zesumme komm:

De 14. Juli krute mir vun der Mme Loschetter an dem Service des Parcs de Projet vun dem Bouleterrain a der neie Spillplatz an der Chevalierstrooss virgestallt. Mir hun och nach gefrot fir aus Secherheetsmossnahm e Gelänner dohin ze mache. Bei dëser Geleenheet hu mir eis Demande fir eng Spillplatz an der aaler Kolonie nach eng Kéier réitéréiert. Zu dësem Sujet krute mir jo bis elo ze héieren et wär eng Spillplaz geplangt wann de Ban de Gasperech gif réaliséirt gin : eng Kéier kréie mir gesot de Quartier gët net verbonnen mat deem neie Deel, eng aaner Kéier kréie mer keng Spillplaz bis dat de Ban de Gasperech op de Leescht geholl gëtt : ma et si vill nei jonk Famillje do an de Eck erageplënnert an d'Kanner si elo kleng, eng Spillplatz gett elo gebraucht.

De Service des Parcs huet dunn nach gesot dat mam Accord vum IVG déi kleng Spillplatz an der Birthon/Pensisstrooss soll zougemach gin an als greng Fläch ëmgewandelt gi. Do kann ech nëmme soe dat dat nët stemmt, au contraire mir hu gefrot an dat ass souguer an der Gemeng hirem CR festgehale gin dat déi Platz soll bestoe bleiwe, eng anständeg Poubelle soll dohinner kommen an dat duerfir awer am spéiden Owend oder Nuets méih Kontrolle solle gemach gi. An dat gëllt nët nëmme fir dës Spillplatz mee och fir Schoulen, all déi aaner Terrains'en an heemlech Ecker am Quartier.

Mir ware der Invitatioun vun der Gemeng gefollegt fir mat de Responsabelen vun de Bâtiments publics a dem Gesondheetsministär iwert d'Fixerstuff ze schwëtzen

Mir ware d'lëscht Joer zu Zéisseng vertrueden eméi iwert de Zwëschebilan vum Koalitiounsvertrag geschwat gin ass a méi speziell iwert d'Urbaniséierung vun de Quartier'en am Süden vun der Stat. Och dëst Joer war schon e soueng Versammlung a zwar gëschter Owend zu Zéisseng. Verschidde Punkte komme am rapport erëm. Mee ëppes wollt ech awer ëppes klor stelle : de Buergermeeschter verpasst ni fir ze soe dat de Recours deen den IVG gemach hat am Kontext vum Ban de Gasperech vum Geriicht zreck gewise gi wär, hien vergësst regelmässeg ze soe dat den IVG op 1 Punkt Recht kritt huet a dat do Gemeng zreck gewise gin ass an esou deen Deel vun der Prozedur muss nei mache;

Dernierft kruten mir Invitatiounen vun der Gemeng fir op der Ouverture vun dem Stater a Garer Chrëschtmaart deelzehuelen.

Mir ware dobäi wéi d'Frënn vu de Gaasperecher Scoute mat den aanere Veräiner den Erléis vum Chrëschtmaart 2008 iwerrecht hun

Mir waren op den 1ten Assisen vun de Associationen vun der Stat Lëtzebuerg vertrueden déi vun der Gemeng organiséiert gin ass, obwuel mir eis Donnéen ofgin hun wéi dat gefrot war, hu mir jiddenfalls duerno ni méih ëppes héieren

Mir ware am Juni 2009 an der Generalversammlung vun der Union des syndicats d'intérêts locaux vun der Stad Lëtzebuerg vertrueden. Dëse comité, an

deem ech de Gaasperecher Syndicat représentéieren, ass am Lâf vum Joer 4 mol zesummekomm.

Mir ware vertruede op der Informatiounsversammlung vun der DP hei am Sall. Do si mir ënneraanerem gewuer gin dat de Plan d'aménagement particulier Grossfeld vun der Gemeng op den Instanzewee gescheckt gin ass a nodeem dat hien d'Commission d'aménagement am Innenministère passéiert huet an de Gemengerot kënnt wou mir jo dann nom provisoresche Vote misste Ableck kréie. Dann ass nach gesot gin dat wann spéiderhin de Projet Porte de Hollerich réaliséiert ass, den Verkéier vun der Déportationsstrooss iwert déi nei Breck, wou d'Gesetz jo gestëmmt ass, iwert den neie Boulevard de Hollerich soll geleet gin, dem neie bd also de vun der Gare périphérique Zéisseng déi jo op Hollerecher Terrain leit, Richtung Gare virgesin ass.

Mir ware an de Generalversammlungen vun dem Hollerecher- an dem Zéissengersyndicat. A wéih et sech gehéiert fir gudd Noperen, ware mir och op hiren verschiddenen Fester präsent.

Mir ware op e puer Réuniounen a Virträg am « Haus vun der Natur » op der Kockelscheier, z.b. ewéi ënnert aaneren de Grand-Duc Jean de Präis vun der Natur am Naturmusée iwerecht krutt. Gëschter Owend nach ware mir op der Kockelscheier ewéi de Emwëltminister den Här Marco Schank de plan sectoriel paysage virgestallt huet. D'Gemeng Lëtzebuerg huet dunn och hire Plan vert virgestallt. Et ass iwert zones vertes interurbaines geschwat gin. Mee do verschwënd hei am Süd-Westen vu der Stat de gréissten Deel. Mir sin der Meenung dat all déi Plan sectoriels'en egal ewéi se heeschen, vir eis vill ze spéit kommen wëll bis dohin sin Genehmegungen all eraus an all eis Grengflächen ronderëm sin verbaut, sou dat eis Liewensqualitéit ëmmer méi ofhöllt. Natiirlech ass et och Liewensqualitéit wann een d'Geschäfter vrun der Diir huet, mee et misst e verstännege Equiliber si, ma deen ass mat all deene Stroosse a Bauprojets'en ronderëm Gaasperech total aus dem Konzept..

Bleiwt heizou nach ze soe, dat d'Commission d'analyse critique vum Ministär du Développement durable et des Infrastructures, fréiere Bauteministär, beschloss huet fir keng Etude d'impact wat déi grouss Stroosseinfrastrukture ugeet, ze mache. Betraff si do den neie bd Raiffeisen, 8 couloirs'en soll e breet gi esou éwéi den neie bd Cloche d'or deen vun engem Rond-point aus op der Arelerstrooss op der Heecht vum Batiself soll fortgoe fir bei eis um Rond-point Gluck ze ennegen. D'Argumenter firwat dat keng Etude d'impact gemach gin ass sin : et gëtt nach Landwirtschaft bedriwen, do ass also keng Incidenz op d'Emwëlt an et si keng direkt Noperen do also huet et och keng Incidenz op den mënschlechen Environnement. Sou einfach ass datt.....

Wat awer elo d'Emwëllt ugeet, hate mir den 10. September 2009 Besuch vun 8 Storche um Ban de Gasperech kritt, mir hun direkt d'Haus vun der Natur esou wéi d'Presse alarméiert. Et war awer nët wéi an verschiddene Zäitungen gesot gin ass si wäre beim Déierenasyl nidergangen, nee si hun sech um ganze Ban de Gasperech opgehale, wat jo de Responsabelen vun der Emwëltverwaltung no e potenziellt Fiichtgebiet ass. Mir hoffen dat d'Emwëltverwaltung a Wasserwirtschaftsamt sech dorun erënneren wann si mussen hire Avis iwert de PAP Grossfeld ofgin. Vun hei aus dem Erni Schweitzer e decke Merci fir säin Asatz a seng flott Fotoen.

Den 26. November 2008 war de lëschte Comité de prévention élargi. Leider huet d'Gemeng 2009 keen esou een comité ageruff mee si wärte schon wëssen firwat.....eis Doléancen iwert d'Sécherheet an der Stad mat allen

Problemer déi se mat sech brengt ass hinnen jo bekannt a wat mir dofun halen dat d'Fixerstuff soll op d'Grenz vun Gaasperech kommen dat wëssen se och...ech komme nach herno op deen Dossier zreck. Haut hätt elo solle e Comité de prévention sin en ass awer verluergt gin op de 4. März. Um Ordre du jour steet présentatioun vun enger "Charte" déi virgesäit dat "débits de boissons" bis 6 Auer Mueres kënne op sin. Mir hu leider nach keng Détailer, ass dat fir d'Café'en alleguer oder nëmme fir Disko'en oder d'Lokaler an der Rives de Clausen..

Mir ware zu Sandweiler wou den Emwëltministère zesummen mat dem Transportministère a nach aaner Akteure eng Reunioun ageruff hat fir iwert den Aktiounsplang vum Findel ze discutéieren.

Wéi déi Joeren virdrun hate mir d'Journée de la commémoration nationale organiséiert. No der Mass ass beim Monument eng Gerbe vun de Veräiner niddergeluecht gin. Duerno war eng kleng Receptioun hei am Sall a do geet en härzleche Merci un Scoute vu Gaasperech dat si eis gehollef hun a virun allem datt si eis hire gekillte Wäin zur Verfügung gestallt hun, wëll eise war jo no enger Panne um Frigo waarm..

Bei dëser Geleenheet profitéiere ech fir dem FC Tricolore nodréiglech fir säin 90. Anniversaire ze gratuléiere a fir der Harmonie Gaasperech e volle Succès ze wënschen fir hire 50. Anniversaire deen se elo 2010 mat engem Programm deen duerch ganzt Joer geet feiere wärt.

Den 14. November hate mir e Cabaretsowend mat de MAKADAMMEN organiséiert. An dat war e volle Succès : 173 Leit hate reservéiert a ech mengen dem Echo no huet et dem Gros vun de Leit gudd gefall. Leider hun ech vill Ufroe missten ofsoen wëll mir schon mat Zäite complet annoncéiert hate

En härzlech Merci vun hei aus dem Liliane a Nico Vallentini vun der Firma Joleka aus der Gaasperecherstrooss, der Tankstell Q8 op der Escherstrooss, der Dachdeckerfirma Jean Goerens aus der Gaasperecherstrooss, der Famille Romanazzi vu der Firma Bébébulle op der Escherstrooss, dem Här Pol Koppes vun der Heizungs- a Sanitärfirma Technopol vun Ehlereng an dem Här Raymond Niesen vun der Firma Copytrend vun der Hollerecherplatz déi eis finanziell ënnert d'Ärm gegraff hunn. E grousse Merci och all deene Geschäftsleit aus dem Quartier an aus der Industriezone esou wéi den Awunner vum Quartier déi eis gehollef hunn eng flott Tombola ze organiséiere. E grousse Merci awer och un d'Leit aus dem Comité so wéi un déi déi eis ëmmer eng Hand mat upacke, merci Louise a René.

Ech kann Iech haut schon soe datt mir bei de Makadammen ugemëllt sin wann si 2011 am November hire neie Programm virféieren.

Da si mir am Gespréich mat den Schanzer Cabarotiker, de Regisseur ass keen aanere ewéi den Robert Wagner deen och Regisseur vun de Zéissenger Theaterfrënn ass. Et ass e Groupe deen vun ongeféier 20 Leit am Alter vun 6-60 Joer zesummegesat ass, deen Sketscher a Witze présentéiert, sengt a vir gudd Laun suergt. Dir kënnt iech schon elo den Datum vum 13. November opschreiwen, wëll fir dann hu mir de Sall réservéiert.

Wéi virdrun schon gesot, hate mir den 29. November e Concert mat der Militärmusek organiséiert. De Scheck vun 1200.- € deen mir haut iwerrecht hun ass un Rahna – Muppen ënnerstëtze Leit am Rollstull gange. Nom Concert hate mir d'Leit déi um Concert ware hei an de Sall invitéiert fir nach eng gemittlech Stonn bei engem gudde Pättchen an enger Schnéckegkeet mat eis zesumme a

mat de Militärmuseker ze verbrengen. Vun hei aus dem Här Paschtouer Kroeger villmols Merci datt hien eis d'Kierch zur Verfügung gestallt huet fir dëse Concert ze organiséieren.

Aus bekannte Ursachen, fir nët ze soen wëll verschidde Veräiner sech nët un hir Datumen gehalen hun, a wëll esou e Kalenner jo awer mat vill Aarbecht a virun allem Frais'en verbonnen ass, hate mir an enger Comitéessëtzung décidéiert keen Manifestatiounskalenner méih ze mache, mee op Ufro vu de Scoute ass dunn awer e Kalenner gemach gin. Mir hate gefrot op soss een interesséiert wär fir dat a Zukunft ze iwerhuele, mee et huet sech keen gemëllt. Et ware nëmmen 2 Veräiner déi hir Datumme **nët** eragin hun. Am Aferständnis mat de Veräiner hu mir ausgemach dat de Kalenner just géif an de Räider gehange gi an iwer Mail verscheckt gi, wann se dann wëllte eng Diffusioun mache wär dat hinnen iwerlooss. Wann een nei Ideen huet zu där Sach kann en eis roueg kontaktéieren, schlussendlech ass et jo awer flott wann d'Versammlungen oder soss aaner Organisatiounen am Quartier nët openeenfalen.

Mir hunn den 5. Dezember d'lëscht Joer um Chrëschtmaart matgemaach wou mir eis ëm de Verkaaf vun der Tombola gekëmmert hu, 1250.- € konnte mir domat erabrengen.

Mir ware bei deene Veräiner vertrueden, déi eis eng Invitatioun op hir Generalversammlung geschéckt hunn. Duerzou wëll ech nach soe dat et fir verschidde Veräiner batter notwéendeg ass dat Nowues herbei könnt. Macht w.e.g e bessi Reklam bei äre Nopere mat Kanner dat si sech um sportleche a kulturelle Liewen vu hirem Quartier bedeelegen solle, Gesang, Musek a Sport sin international..

Dann zum Detail vun eise verschiddene Korrespondenzen :

De 26 juillet 2006 si mir vun der Mme V. Loschetter an hiren servicer informéiert gin dat d'Spillplatz op der Place Sauerwiss nët méih de Norme gif entspriechen an duerfir gif si ofgeschaf gin. De Service des Parcs sollt e projet ausschaffen an dé projet sollt dem Syndicat virun senger realisatioun présentéiert gin. Den 11. Januar 2008 an enger Reunion mat de sëlwechte Leit si mir dun informéiert gin dat Réaménagement vun der Place Sauerwiss gif reportéiert gin. Mat Erstaunen hu mir dun festgestallt wéi an der Zäitung vum 16.5.2009 den avis d'adjudication fir eng Soumission vun den Reaménagementsaarbechten vun der Place Sauerwiss stung. Wëll mir jo nët doriwer informéiert gi sin wéi dat ofgemach war hu mir eis dunn erlaabt un Gemeng ze schreiwen a mir krute folgend Äntwert : et wär keng Aennerung zum initialen Plang, wat awer elo do virgesin ass : keng Ahnung just dat Madame Loschetter eis gesot huet, si häte Nofro fir nach e 2. Bouleterrain ze mache an deen gif dann op der Place Sauerwiss komme.

Eng Famill aus der Clemenceaustross hat eis geschriwen dat de Schoulwee (Clemenceau - Wagner – J.P.Kemmer strooss) fir d'Kanner nët genuch sécuriséiert wär, mir hun hire Bréif weidergeleet un d'Gemeng a krute dunn als Äntwert si kënnte keen Panneau A12 = Kanner, dohin sëtze wëll nët vill Kanner aus der Kolonie gife de Wee an d'Schoul goe; zousätzlech Zebrasträife wären och géint ministeriell directive zu der Zone 30. Dann gett awer festgestallt dat an der Colombstrooss eng moyenne gefuer get vun 43 km/Stonn an an der Clemenceau 42 km/Stonn, valeurs'en déi iwert der maximaler autoriséierter Vitesse vun 30 km/Stonn leit. Dann schreiwen se awer nach an hirem Bréif an dat schléit wierklech dem Fass de Buedem aus : 2006 hätt Gemeng eng Aktioun

Kinderstadtplan ausgeschafft fir d'Schoulweer aus de Stater Quartiers'en bësser ze securiséieren. Déi Enquete wär an de Joeren 2006/07 um Terrain gelaaf. Si häten do mat de Kanner a mat verschidden aaneren Akteurs'en an workshopen geschafft an fir deen Deel vun eisem Quartier wär keng Mesure revendiquéirt gin : mir kënne jiddenfalls soe dat den Interesseveräin zu kengem Zäitpunkt vun der Gemeng invitéiert gin ass fir bei dem Projet "Kinderstadtplan" mat ze schaffen. Mir hun de Bréif vun der Gemeng mat eise Remarquen un déi betreffend Famill esou éwei un Police weidergin. Also iergert iech elo nët wa méih Kontrolle gemach gi mee passt gudd op är Vitesse op et soll jo nët d'Leit aus dem Quartier treffe déi sech ëmmer bekloen dat hei esou gerannt gëtt..

Op Grond vu enger Reunioun zesumme mat dem Zéissengerinteresseveräin am Oktober 2008 bei dem Busservice vun der Gemeng si 2 nei Busarrêts'en an d'Beethovenstrooss ageriicht gi. Op eis Demande hin huet d'Gemeng de propriétaire vum Terrain bei dem Busarrêt Gaasperecherbierg opgefuerdert seng Propriétéit propper ze mache.

Mir hatten am Januar 2008 bei der Gemeng nogefrot wat op der Escherstrooss Eck Gaasperecherstrooss geschitt. Entretemps si jo déi Häiser ofgerapt gin. Elo krute mir eng Antwert, dat de Buergermeeschter eng Baugenehmegung eraus gin huet fir e Bürosgebäi ze bauen : 8800 m2 mat ongeféier 70 Parkplatze. Mir hun den Avis an de Raider gehangen fir deen de wëllt bannen 3 Méint e Recours machen.

Wéi mir 2008 zu Zéisseng an enger Reunioun ware ewou d'Gemeng de Chantier am Zesummenhang mat der Cogénératiounsanlag op der Cloche d'Or virgestallt huet krute mir gesot dat dëse Anschluss just fir gréisser Gebäier virgesi wär, elo krute mir awer vun Membere matgedeelt dat d'Gemeng d'Propriétaire vun der Escherstrooss ugeschriwe huet a hinne matgedeelt huet dat d'Méiglechkeet gif bestoe fir eventuel e Raccordement un de Chauffage urbain ze mache. Leider ass och do de Interesseveräin nët informéiert gi wat jo awer eng normal Sach wär. An der Réunion gëschter Owend ass dunn confirméiert gin dat den Uschloss och méiglech wär fir méi kleng Residenzen.

Op Grond vun de Reuniounen déi den Emwëlt- an den Transportministär zesumme mat aanere Verwaltungen ofgehale hat an op Grond vum Avis au public vum 27.2. d'lëscht Joer am Zesummenhang mam Komméidi vum Flughafen esou wéi dem Komméidi deen déi grouss Verkéiersaxe mat sech brengen hu mir eis Reklamatiounen géint de Aktiounsplang ofgin a gefrot dat d'Gemeng eise Dossier soll mat considéréieren an un déi competent Verwaltungen weidergin.

Dann hate mir 2008 gefrot, datt de Stroossebelag vun der rue Lamort soll erneiert ginn. Mir kruten geäntwert, dass de Belag wierklech schlecht wär an dat déi Aarbechten am Kader vun dem Reamenagement vun dem Rescht vum Quartier Giorgetti gifen gemach gin. Et handelt sech do ëm d'rue Pensis, Chevalier, Mathias Birthon a Jacques Lamort. D'Aarbechte sollte 2010 ugoe. Mir hun e wéi et mat der Krise ugangen ass e Bréif gemach op et dann nët méiglech wär fir de Chantier no virzezéien, wëll déi Stroosse a Trottoire si eng gëlleg Katastrophe. D'Antwert war : a dëse Krisezäiten misst d'Investissement vun den Ausgaben fir all Chantier cas par cas gekuckt gin.... Gëschter Owend ass du gesot gi dat am projet de budget pluriannuel vu 2010-2012 dës Aarbechte virgesi si. Duerfir hu mir awer dunn misste festgestelle dat an enger Strooss am Quartier e neie Belag gemach gin ass ewou et nach guer nët sou néideg war.

Dann zur Fixerstuff : 2008 ware mir jo an 2 Reuniounen vum Comité de prévention, wou et ënner aanerem ëm d'Fixerstuff gangen ass. Fir déi éischt Réunioun hat den IVG keng Invitatioun kritt ass awer den RV gewuer gin duerch den Präsident vun der Usill. Et war jo 2004 ausgemach gin dat déi Associationen déi beim Hearing zu Bouneweg reklaméiert haten, an d'Reuniounen vum Comité de prévention gife geruff gin wann et ëm dëst Thema gif goe. Majo, si wossten wirwat dat si eis keng Invitatioun gife schecke well nämlech an där Reunioun de Site vun der neier Fixerstuff bekannt gin ass, nämlech deen an der rue d'Alsace vis-à-vis vu Paul Wurth. Mir hun do drop opmierksam gemach dat dëse Site genau 300 m vun enger Crèche eweg gif leien, dat d'entrée vum quartier a den englesche Gaart nobei wären an dat dat eng Gefor fir d'Leit am Quartier wär. Muss een nach wessen dat eng Analyse vum Gesondheetsministär a vum Bauteministàr zesummen mat de Responsabelen vun der Gemeng gemach gin ass fir e neie Site ze sichen. D'Conclusioun vun deser Analyse ass dass keen Site sou favorabel ass wéi deen ewou elo d'Container drop stin..

Hei nach eng Kéier d'Resultat vun der Analyse :

Points **positifs** pour le site « Bonnevoie »	**10**
Points positifs pour le site « rue d'Alsace »	8
Points **négatifs** pour le site « Bonnevoie »	**4**
Points négatifs pour le site « rue d'Alsace »	7

No dëser Reunioun huet de Comité beschloss eng Reklamatioun un déi zoustänneg Responsabel ze machen, d-h. De Gesondheetsminister, den Bauteminister a de Buergermeeschter. Mir hu och eng Aentwert kritt, si verstin eis Suergen, gin eis quasi Recht mee Décisioun bleiwt déi selwecht. An aanere Wieder et arrangéiert jiddereen : eigentlech misst dat hei an d'Analen agoen : all Parteie si sech eens !!

Den 12. August 2008 ass dun iwert RTL Télé e Reportage diffuséiert gin wou matgedeelt gin ass dat d'Gemeng 7 nei Kontainer op de jetzege Site installéiert huet. Dun ass op der Antenne gesot gin dat mat de Gaasperecher Leit geschwat gi wär an dat keng Oppositioun gemach gi wär vu eiser Säit. Ech hu dorophin Mme Kater vun RTL ugeruff fir ze froe wien dat gewiescht wär deen dat behapt hätt a ech krutt als Aentwert et wär eng Persoun aus dem Gesondheetsministère gewierscht. Op Rekommandatioun vun der Mme Kater hu mir dun eng Mise au point bei RTL era gin an déi ass den 25.8. 08 diffuséiert gin.

Op Grond vum Avis au public wou d'Gemeng matdeelt dat eng provisoresch Baugenehmigung ugefrot gi wär a dat e kann dogéint reklaméieren an dann d'Pläng ze gesi kritt hu mir du rëm eng Reklamatioun eragin.

Mir krute eng Invitatioun fir an de nächste Comité de prévention wou du gesot gin ass dass déi nei Infrastruktur an der rue d'Alsace provisoresch fir 10 Joer wär. No menger Fro wéi et dann méiglech wär dat grad dëse Site zreck behale gin ass wou jo d'Analyse nu guer nët favorabel fir des Platz war, krut ech vum Buergermeeschter d'Aentwert, Diskussiounen iwert de Standuert wäre jo awer genuch diskutéiert gin an elo ofgeschloss. Mir froe eis jo awer mat weem dat si sou vill diskutéieren, mir wëssen vu näischt ëppes.

Mir hu dunn matgedeelt kritt dat de Buergermeeschter gif d'Baugenehmegung eraus gin an hu nach eng Kéier reklaméiert. Mir hate och vun Ufank u gudd Kontakter zu Paul Wurth a hun hinnen eise Bréifwiessel an dëser Affaire mat op de Wee gin a warde elo gespannt drop wat den Tribunal administratif décidéiert. Just e puer Zifferen wat d'Fixerstuff ugeet : 2005 ware 1250 Kontakter mat Benotzer zustane komm, 2009 ass déi Zuel op 24.700 eropgangen; ¼ vun de

Benotzer kommen aus dem Süden vum Land...mir fannen et jiddenfalls skandaléis dat de Buergermeeschter op Grond vun enger Ausso vum Gesondshéetsminister et gif eng Fixerstuff op Esch komme eng Baugenehmegung an der Stat erausgött dat war e Blankoscheck, wëll zu Esch hu se elo emol e Nuetsfoyer agericht a bis eng Fixerstuff nokënnt wärt nach vill Waasser de Bierg eroflafen. Mir froe eis nëmmen op d'Autoritéiten sech nët bewosst si a wat fir Geforen dat si d'Leit aus den betraffenen Quartier brengen a dann, waat kascht dat alles zielt dat och zu eiser Liewensqualitéit dat mir dierfen fir se all de Porte-monnaie ophaalen....., déi nei Bureoen, d'Renovéierung hun 122.300 € kascht, a dann d'Dréikräiz fir dat Dealer nët mat era gin huet 41.000 € kaascht, mir fannen déi aaner Gemenge misste endlech do Solidaritéit weise an hir responsabilitéiten huelen.... Ausserdeem gléiwen mir nët un eng provisoresch Infrastruktur vun 10 Joer, wéi heescht et sou schéin : ce n'est que le provisoire qui dure.

Mir hate jo 2007 am Kader vum Iwwergang vum Analogen op den digitalen Fernsehsystem zesumme mat dem Zéissenger Interesseveräin en Informatiounsowend organiséiert ewou Poste hir Telé virgestallt huet. Mir hun am Laf vun 2009 nach eng Kéier bei der Post intervenéiert wéini mir elo kënnte vun der Télé vun der Post profitéieren, wëll d'Coditel ëmmer méih Programmer eweg gif huele. D'Post weist op hirem Internetsite drop hin, a wat fir Stroosen dat elo Télé vun der Post disponibel ass, dir braucht nëmmen är Telefonsnummer unzegin een code deen dir ugebuede kritt ze machen a da gesit dir Disponibilitéit vum Reseau. Déi Leit déi sech elo ummëlle profitéieren vun enger Gratuitéit vun 2 Méint, mee et ass eis opgefall dat déi Leit déi schon 2007 oder 2008 hir Demande gemach hun an elo vun der Télé vun der Poste profitéieren, dëst leider nët op hirer Rechnung gudd geschriwe kréie. Mir hun alt erëm der Post dat matgedeelt, also kuckt är Rechnung no a gitt reklaméieren.

Mir hu d'Usill ënnerstëtzt déi sech bei der Gemeng agesaat huet dat Réseaux'en vun Elektresch a Gaz nët solle a Privathänn goe. Haut krute mir dunn vun der Gemeng d'Kopie gescheckt déi och un d'Usill gange ass. Um Punkt 13 vum Ordre du Jour komme mir nach drop zreck. Mir hun och Formulare hei leie fir déi Leit déi nach wëlle d'Petitioun ënnerschreiwe

Mir hate jo och schon am August 2008 gefrot fir eng Vélohsstation an der Géigend vum Rond-point bei der Auer ze kréien a fir datt och op der Cloche d'Or esou Stationen firgesi gin, an der Zäitung kann e jo noliesen wéi an aaner Quartier'sen den Réseau ausgebaut gét an dat esouguer mat den Nopeschgemengen Projets'en lafen. Wéi mir elo d'lëscht gefrot hun wéini dat dann sou eng Vélohstation bei eis gif installéiert gi, krute mir vum Buergermeeschter gesot : Gaasperech wär keng Prioritéit, do ass de Problem nämlech deen dat Mueres d'Véloh'en fortgin a nët rëm zreckkommen. Et wär e schrecklecht deiert Investissement wann hir Servicer missten e Ramassage vun de Veloh'en mache. Ech froe mech nëmme wéi een esou ëppes kann soe ouni dat et mol eng Testphase gin ass. Dunn oh Wonner, gëschter Owend zu Zéisseng krute mir du gesot et kéimen am Fréijoer 3 Statiounen op Gaasperech, mol ofwaarde wat sech deed..

Mir hu och erëm eng Kéier geschriwe wëll d'Auer um Rond-point nët fonctionnéiert, mir krute en Accusé de réception. An haut ass dunn eng Änwert komm dat d'Ersatzstecker nët einfach méih ze kréie si wëll de Modell 30 Joer huet, et wär décidéiert gi dat mir eng nei Auer krite. Op dësem Punkt soe mir elo schon der Gemeng villmols Merci.

Da rifft d'Gemeng rëm op fir un der Fréijorsbotz an de Quartiers'en deel ze huelen déi vum 15. März bis den 9. Abrëll organiséiert gët. Dir kënnt iech bei der Gemeng um Tel 4796-3640 oder um email hygiene@vdl.lu mëllen. Wann elo lokal Sports oder Kulturell associatiounen wëlle hëllefen kréie si d'Material esou wéi d'Autoen mat de Chauffeuren zur Verfügung gestallt. Also Avis aux amateurs.

Eng Fuerderung vum IVG un d'Gemengeautoritéiten: 2005 hate mir scho kritiséiert, datt d'Rapporte vun de Sitzungen, den analyteschen also, esou spéit erauskommen, ausserdem hu mir d'Publikatioun vun de Rapporte vun de Commissioune gefrot, do si se jo elo an der Chamber schon méih weit, mir verlange dat déi komplett Publikatioun vum Ordre du jour vum Gemengerot on line gesat gëtt. Leider hu mir all bis haut keng Satisfactioun kritt

Wat d'Stadtteilbeiräte ubelangt, ass nach ëmmer eng Etude am gange.

An dann nach ëppes : Mir begréissen Dialogfreedegkeet vum Schäfferot an datt hien de Bierger Dënschdes mueres empfänkt, mir hunn domat kee Problem, mä mir géifen et begréisse wann d'Syndikater géifen iwwert déi Problemer déi am intérêt général si e Feedback krite. Den Owend hut dir jo genuch Beispiller héiere, wou mir dann herno dohinner gestallt gin ewéi wann mir näischt gife ënnerhuele oder wéi wann mir eist Afferstädnis gin häte dobäi si mir mol nët informéiert geschweichs kontaktéiert gin, z.B. éwéi bei dem Kinderstadtplan. Eise Wëlle ass et mat de Leit aus dem Quartier ze schaffe a nët géint eneen. Mir kritiséiere och dat Gemeng mat den eenzelne Quartier Groupe de travail'en organiséiert an esou nëmme een géint deen aanere ausspillt, dat bäschte Beispill hate mir jo elo mat der Fixerstuff...Mir si eis och bewosst dat een et nët jidderengem kann richteg mache mee versiche e Mëttelwee ze fannen dat misst jo awer goe.

Sou, dat wier et fir mäin Deel. Ech soen Iech Merci fir är Opmierksamkeet a gin d'Wuert un de Präsident.

Jacquie Lakaff